

# Amadeo Hurra

„T as en!“, sot d'Sus mat hallef erstéckter Stëmm. 'T huet sech op der Plaz ëmgedréit an as de Clausener Bierg rof op heem zou gelaf.

„Hee, Dir musst nach mat op de Büro!“, huet dee jonke Flic him nogeruff, mä de Kommissär sot: „Loosst et dach nëmmen, mir wësse jo, wou et wunnt.“

Op der Bréck am Stadgronn war deem Owend virun eng Schléierei gewiescht. Dat war un sech näischt Ongewéinlech; och nët, datt et eng Kläpperei mat internationaler Bedelegung war; d'grënnescher Bréck kënnst iech do Geschichten erzielen. Mä 't war well laang keng méi sou äusgaange wéi déi hei.

„Em Gottesbiddeswëllen, wat as da geschitt, Sus?“, frot dem Sus séng Mamm virun der zougespaartener Kummerdir. D'Sus huet dobanne gehäult wéi e Muedeléinchen an d'Mamm ruffen a klappe gelooss.

Hatt war deem Owend virun mam Josette a mam Karin räus. De Pub am Grënnescher Bierg war wéi ëmmer voll wéi eng Hierkentonn, an de Jang war a beschter Form. Ronderëm säin ale Piano hun s'op d'mannst zu enger Dose gekluddert, gesoff wéi d'Biischtebänner an alles matgejaut, wat de Jang rofgehummert huet; ob dat „d'Pierle vum Da „waren, d' „Madelon“, den „Heidewitzka“, de „my way“ oder „de Kanonéier“.

Géint eelef Auer koum den Amadeo. D'Sus hat en nët gläich erbléckst, mä d'Karin huet hatt gestouss. „Pass op Sus, den Hurra as do“!

Den Amadeo war nët leng; zu hiner véier sin se beim Comptoir stoe bliwwen an hu Béier gedronk. Den Amadeo huet versicht, d'Sus mat den Aen ze paken ze kréien, mä d'Sus as deem schwaarzen a feirege Bléck äusgewach. 'T huet eng un där anerer gefëmmt, de Cola-Rhum nëmmen sou opgeschott an deene ronderëm de Piano hire ganze Repertoire matgesongen.

'T huet keen sou richtig kapéiert, wei et gaangen as, mä op ee Mol stoung den Amadeo virun Sus an huet eppes lues zu em gesot. D'Sus huet gemaach, wéi wann e Loft wir, a wéi hien hatt wollt hannerem Dësch räus zéien, huet et him eng geklaakt.

Dat hat seguer all eenzele vun de Kanonéier matkritt. Se hun sech ronderëm de Portugis opgebaut, an eent, zwee, dräi louch deen op den haarde Plättercher. Eent, zwee, dräi waren du awer och d'Kollege vum Amadeo bäi Hand, an du goufen et der alles wéi keng Kleng; déisäit an dëssäit. Den Amadeo koum rëm op d'Féiss ze stoen, a wéi e just eng vun deenen décke Chiantisfläsche mat der Käerz uewendran erwëscht huet, fir s'op deen nootste Kapp ze fachen, du huet d'Sus vun hanne gejäut: „Plënner Blöden, du kriss mech ni!“

Dem Amadeo as den Aarm mat der Fläsch a mat der Käerz an der Luucht hänke bliwwen, de gliddege Wuess as him d'Hand rof gelaf, a schon hat een säin Aarm erwëscht an him en hannert de Réck gedreit. D'Fläsch as op de Plättercher explodéiert wéi eng Bomm, d'Käerz as dem Sus virun d'Féiss gerullt, an de Jean-Jacques huet hannerem Comptoir „ça suffit!“ gejäut an „j'appelle les flics!“

Wéi déi dräi Fraleit sech ouni ze bezuelen durch d'Bascht gemaach haten, sin d'Sänger dobäusse mat de Portugisen an d'Portugise mat de Sänger Schlitt gefuer. D'Police koum, mä 't war schon alles un an äus, an dee mat där rengster Tenorstëmm huet keen Toun mei

vun sech gin. E louch op der Bréck mat engem Messer am Réck an huet just nach de Mond op an zou gemaach wéi dee leschte Fësch deemools, ënnen an der Uelzecht.

Mueres hun se nom Proprietär vum Messer mat der Mark „Alentejo“ gesicht. Wéi een der Police géint Mëtteg verroden huet, wou e wir, hun se n en och séier fonnt. Den Amadeo louch mat gebrachenem Genéck am Tälli ënnert dem Bock, no beim huelen Zant; do ongeféier, wou de Wenzelspad ugeet.

Am Nomëtteg goufen déi dräi Fraleit verhéiert. „Tréischt lech, Joffer!“, sot de Kommissär zum Sus, „deen huet sech dach selwer do rofgehait. Méi wéi sécher huet e gemengt, en hätt deen aneren ëmbruecht.“

„E wollt mech onbedéngt bestueden!“, huet d'Sus gepinscht, „mä ech hun nët wollt.“

De Kommissär huet sech en Zigarillo an d'Gesicht gestach. „Reegt lech lo of, dommt Stéck“, sot en, „dat do hate mer dach alles schon!“

Josy Braun



BIFURCATION DE LA MONTÉE DE TRÈVES ET DE LA RUE DU RHAM

*C'est dans la maison à gauche et en aval de l'ancienne Porte de Trèves (démolie en 1867) et marquée d'une croix (A Kränzerches) que fut perpétré un triple assassinat dans la nuit du 5 au 6 avril 1816. Ces maisons mêmes furent démolies en 1863. (Les Faubourgs, Cahiers Luxembourgeois, 1934)*